

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister, d'Madamm Familljeminister, den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Vill Leit déi aus iergend engem Grond aleng wunnen, a brauchen z.B. Alter oder Behënnerung eng Persoun déi hinne bei den Erausfuerderunge vum deegleche Liewen, wéi zum Beispill kachen oder akafen, zur Hand geet. A ville Fäll gi sou Déngschter vu Membere vun der Famill iwweholl. Ëmmer rëm kënnt et och vir, datt sou Leit ganz kuerzfristeg Hëllef vun hire Familljemembere brauchen. Nieft deene medezineschen Urgence kënnt awer och ëmmer rëm fir, datt Leit kuerzfristeg an eng psychologesch-emotional Urgence kommen, zum Beispill well e Familljember plëtzelech gestuerwen ass, wou et wichteg ass, datt eng hinnen nostoend Persoun no hinne kucke kënnt. Deemno wéi d'Situatioun sech presentéiert, packen déi Leit et dann awer net méi, fir virun 23:00 doheem ze sinn.

Duerfir wéilt ech der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Wéi gëtt e Verstouss géint d'Ausgangsspär behandelt, wann eng oder méi concernéiert Persounen sech dorop beruffen, engem Familljember oder enger anerer hëllefbedürftiger Persoun assistéiert ze hunn?
- 2) Wéi gëtt e Verstouss géint d'Ausgangsspär behandelt, wann déi concernéiert Persounen sech op de Bäistand am Fall vun enger psychologesch-emotionaler Urgence beruffen?
- 3) Ginn et zu dëse Froe scho Präzedenzfäll wou e Geriicht eng Decisioun getraff huet?
- 4) Wat si fir d'Regierung legitim Grënn, fir kuerzfristeg géint d'Ausgangsspär ze verstoussen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten